

fir dass e Suivi gemaach gëtt. Och d'Elteren hunn eng Responsabilitéit. D'Eltere mussen mat hire Kanner bei de Privatdokter goen. Et ass net un der Allgemengheet, fir dann och nach de Suivi an der Consultation ze maachen. D'Schoul, zesumme mat der Schoulmedezin, kuckt awer, dass dee Suivi gemaach gëtt. Et si 5,7% vun den Elëve, déi am Schouljoer 2001/2002 eng Scoliose haten.

Wat d'Aen an d'Oueren ubelaangt, sou ginn d'Ae bei alle Spillschoulskanner systematesch kontrolléiert. Dat waren am Schouljoer 2000 9.962 Kanner, wou d'Ae kontrolléiert gi sinn. An et waren 958 Kanner, wou e Problem opgetaucht ass. An déi Kanner, déi ginn da bei hiren Dokter geschéckt, an do ass net méi d'Allgemengmedezin déi spillt, mä de Spezialist vun der Famill, Famill, déi dann, am libre choix vum Dokter, kënnen dohinner goen, wa se wëllen. Duerno gëtt an der Primärschoul nach gekuckt, ob d'Kanner gutt gesinn. Dat och am Enseignement secondaire.

Wat d'Oueren ubelaangt, do gëtt, bei alle Kanner vu 5 Joer, en Test gemaach. Dat waren am Joer 2001 5.831 Kanner. Do sinn der 59 surveilléiert ginn an 452 sinn der un hire Médecin traitant weidergereecht ginn.

Wat d'Obésitéit ubelaangt, sou ass dat sécherlech e Problem, dee sech stellt. Dofir ass emol bei 12.810 Elëve eng Etüd gemaach ginn, fir ze kucken, wou se sech, wat den Indice de masse corporelle ubelaangt, géife situéieren. A vun deenen ass erauskomm, dass 21,1% vun de Meedercher zevill déck sinn, entweder eng Surcharge pondérale hunn oder eng Obésitéit, an 23,9% vun de Jongen. Do leie mer statistesch gesi lichter enner internationalen Normen, mä och dat ass zevill. Wat geschitt dann? Da gëtt mat den Eltere geschwat an et gëtt gesot, et misst effektiv en Traitement virgeholl ginn.

Wat dann aner Problemer ubelaangt, zum Beispill am Kader vun der Motricitéit, do ass eng Etüd an der Préparatioun, fir den Zoustand vun der Motricitéit vun de Kanner ze kucken.

Dann d'Dyslexie. Do wëll ech dem Här Colombero soen, dass mer am Kader vun der Formation continue d'lescht Joer, genoe wéi d'Joer, en enormt Gewicht drop leeën, fir d'Enseignanten drop opmierksam ze maachen, dass do e Problem ass. Sou hate mer d'lescht Joer e Colloque, zesumme mat der Universitéit vu Sherbrooke aus dem Kanada, just iwwert d'Dyslexie, an d'Joer gëtt dat virugefouert. Weider huet d'Education nationale e Kontrakt mam LOS, engersäits zu Diddeleng, anersäits zu Ettelbréck, wou excellent Aarbecht gemaach gëtt.

Mir hunn e Colloque an der Formation continue: „Difficultés d'apprendre, difficultés d'enseigner“, wou et ëm Kanner geet, déi Schoulschwierigkeiten hunn. Dat gëtt och d'Joer virugefouert.

Wat den ADS-Syndrom, „Attention deficit syndrom“ mat oder ouni Hyperaktivitéit, ubelaangt, do ass eng Konvention vum Educationminister mam SCAP, Service de Consultation de l'Aide Psychomotrice. Do ware Mäit den 90er Joren 24.000 Euro zur Verfügung gestallt ginn. Dat sinn elo 184.000 Euro. Et gesäit een also, wéi och do den Effort ass. Dem Léierpersonal an den Eltere gëtt en CD-Rom zur Verfügung gestallt, fir dass se och gesinn, wat d'Problematik vum ADS ass, well dat ass esouguer fir e Spezialist net einfach ze déckléieren.

Wat de Stress ubelaangt, wat och vum Här Colombero ervirgestrach ginn ass, steet an d'ärselwechter Etüd iwwert „Das Wohlbefinden der Jugendlichen in Luxemburg“, dass 64% vun deene Jonke gären an d'Schoul ginn, 59,9% soen, si wäeren net, oder weineg, gestresst duerch d'Schoul, an 71,8% vun

deene Jonke fannen, dass d'Schoul net zevill vun hinne verlaangt. Dat sinn awer héich Pourcentagen.

Dann de Stress an d'Capacité d'apprentissage. Selbstverständlech, wann een net gestresst ass, kann een eventuell vill léieren, mä eng Absence vu positivem Stress féiert och dozou, dass een éischter d'Tendenz huet manner ze maache wéi méi, wat jo bestëmmt och net gutt ass.

Dir proposéiert, et soll een alles an der Schoul méi zesummeleeën. Selbstverständlech hu mer ganz vill Coursen, wéi beispillsweis den Eveil aux sciences, de Reliounscours oder d'Education morale et sociale, wou eng ganz Partie Problemer ugeschnidde ginn. An dem Schoulsport hu mer, zum Beispill duerch de Schoulsportdag, en aneren Akzent gesat, an och mat méi Formation continue fir déi Leit am Primaire, fir och do d'Wichtigkeet vum Schoulsport méi ze ënnersträichen.

Mir hunn eng ganz Partie vu Formation continue fir de Personnel enseignant, wou ech ganz gären dem Här Colombero d'Dokumentation matginn. Wat de SREA ubelaangt, de Service de rééducation ambulatoire, do hat den Här Colombero eng Question parlementaire gestallt, wou e fonnt huet, dass do net genuch géng an de Schoule geschéien.

Elo ass et awer esou, dass e Kand, wat Schwierigkeiten huet, a wou dat bemierkt gëtt vum Schoulmeeschter, eventuell vum Inspekteur ugekuckt gëtt, da muss dat Kand awer vu Spezialiste gekuckt ginn, ier gesot gëtt, wat mat him geschitt. Et huet keen Zweck an der Logique distributive ze sinn a jiddferengem, zur Berouegung vun den Elteren, hei eng Stonn oder do eng Stonn bäisesetzen. Dat ass einfach Gepléischters. Ech wëll lech soen, dass - ech hat dat schonn an der Question parlementaire ervirgehuewen - déi finanziell Moyenen, déi zum Beispill an de SREA gestach ginn, enorm an d'Luucht gaange sinn am Laf vun deene leschte Joren.

Et denkt kee Mënsch drun déi Offer ofzeschaffen, mä mir wëllen ons Servicer am Kader vun den Arrondissementen vun den Inspekteren anscht regruppéieren, wat mer och amgaange sinn ze maachen. Mir hunn am Summer hei e Gesetz gestëmmt iwwert d'Organisation vum Inspektorat. An deem Kader regroupéiere mer all déi Servicer, déi mat der Schoul zesummenhängen. De SREA gehéiert och dozou mat all sengen Aktiounen.

Dat sinn déi Punkten, Här Präsident, op déi ech wollt äntwerten an deenen zéng Minutten, déi mer duerfir zur Verfügung stongen. Ech mengen, ech hätt prezis drop geäntwert. Ech soen lech merci.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - Här Colombero, Dir hutt d'Wuert nach eng Käier.

M. Jean Colombero (ADR). - Merci, Madame Minister fir des Aussoen. Mä gesidd Dir, wann elo eng Interpellation hei hätt kënnen sinn, dann hätt ech nach 60 Froen ze stelle gehat.

Alles, wat Dir sot, ass richteg, awer nëmmen zum Deel.

(Interruption)

Här Ripinger, et deet mer Leed, mä sidd wann ech glift roueg.

(Interruptions diverses)

Här Präsident, d'Madame Minister huet, wéi gesot, hei ausféierlech iwwer verschidde Froen geschwat, wuel net iwwert ze all. Ech wëll lech dat heite gären zitieren.

Dir kennt jo d'Aarbechtsmedezin a wéi et an den Entrepreneuren ass, wann en Aarbechter ze vill Stress huet, nervös ass oder wann hie Problemer huet, da geet hie bei

den Aarbechtsmedeziner. Meng Iddi war déi heiten, fir d'Schoulmedezin nach besser a méi effikass ze maachen, well wann e Kand net schléift oder Problemer huet an der Schoul, wann et ëmmer 30 kritt oder 35, an et weess kee firwat, da wär et vläicht méiglech, wann de Service médical excellent géng fonctionnéieren, dass dat Kand bei de Schouldoktor géif goen, fir mat deem seng Problemer ze diskutéieren, déi et doheem oder an der Schoul huet. Ass de Schoulmeeschter gutt? Ass de Schoulmeeschter net nervös? Wéi behandelt de Schoulmeeschter d'Kanner an esou weider? Dat war d'Iddi, déi ech hat.

Zweetens, wat de SREA ubelaangt: Dir wësst jo ganz genau, dass Kannerproblemer ëmmer méi heefeg ginn. Dir hutt selwer an der Äntwert op d'Question parlementaire gesot, dass et d'virescht Joer 700 Kanner waren an d'Joer 900. Also ginn ech dovunner aus, dass déi Kannerproblemer ëmmer méi frequent ginn. Do mussen mer awer Personal hunn, fir déi Kanner ze ënnerstëtzen.

Ech hunn lech gesot, dass a menger klenger Gemeng zu Viichten, dräi Kanner, déi Problemer haten, d'Joer net méi betreit ginn. Do läit jo dee ganze Problem. Mir verléieren déi ganz Saach aus den Än. Wann hei an der Stad Lëtzebuerg een Dokter fir 5.000 Kanner zoustänneg ass, da wësst Dir, Madame Minister, dass dat net duergeet!

Wa mir et fäerdeg kréien, fir an der Aarbechtsmedezin een Dokter pro Service oder pro Entreprise ze hunn, da misst mer awer vläicht an der Schoul och versichen, fir méi Investissementen dran ze kréien, fir déi medizinesch Aspekter méi genau kënnen ze behandelen an deementspreechend vläicht nach besser Resultater ze kréien. Dat war de Geescht vun der ugefroter Interpellation.

Ech mengen, Dir hutt verstan, wat ech wëll. Gitt wann ech glift op dee Weel. Dir braucht mer elo net hei eng Äntwert ze ginn. Gitt op dee Wee, dass Dir déi Saach e bësse méi vun no kuckt, an de Budget vläicht e bësse méi héich maacht. Merci.

Des voix. - Très bien.

M. le Président. - Ech mengen, déi Fro wier domadder ofgeschloss a mir kéimen zum nächste Punkt vum Ordre du jour, d'Diskussion vum Projet de loi 4912 iwwert den Accord INTEL-SAT. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Madame Delvaux, d'Madame Beissel an den Här Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

7. 4912 - Projet de loi

- portant approbation des Amendements à l'Accord relatif à l'Organisation Internationale de Télécommunications par Satellites «INTELSAT», adoptés par la vingt-cinquième Assemblée des Parties d'INTELSAT à Washington, D.C., le 17 novembre 2000;

- portant approbation de l'Amendement à l'article 23 de l'Accord d'exploitation relatif à l'Organisation Internationale de Télécommunications par Satellites

«INTELSAT», adopté par la trente et unième Réunion des Signataires d'INTELSAT à Washington, D.C., le 10 novembre 2000;

- portant abrogation de la loi du 15 juin 1994 portant approbation du Protocole relatif aux privilèges, exemptions et immunités de l'Organisation Internationale de Télécommunications par Satellites (INTELSAT), fait à Washington, le 19 mai 1978

Rapport de la Commission des Media et des Communications

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur. - Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, am Projet de loi 4912 geet et drëm, fir eng Konvention ëmzesetzen, eng Konvention, wou mer neng Méint gebraucht hunn, well si ass de 5. Februar 2002 déposéiert ginn an de 4. November ass de Rapport adoptéiert ginn. Haut soll an der Chamber de Vote kommen.

Wann een INTELSAT seet, da muss ee bis an déi 60er Joren zréckgoen, well déi éischt Accorde si vum 20. August 1964. Dës hunn e provisoiresch Regime fir INTELSAT duergestallt. Dat Ganz ass zréckzeféieren op eng Ënnerschrëft vum President Kennedy am Joer 1962, wou en dee sou genannte Communications Satellite Act ënnerschriwwen huet. Deemools war INTELSAT en internationale Konsortium, deen nëmme konnt handelen iwwer ee vu senge Memberen de CONSAT. Den Accord iwwert d'Gesellschaft INTELSAT an den Accord d'exploitation iwwer INTELSAT sinn zu Washington den 21. Mee 1971 ënnerschriwwen ginn, a säit dem 20. August 1971 leien dës Accorden nach op fir Ënnerschrëften.

D'Organisation intergouvernementale, déi Organisation zwëschen deenen eenzelne Regierungen, déi doduerch kreéiert ginn ass, huet hir eege Personalitéit juridique. Den Haaptobjektiv vun INTELSAT ass d'Exploitation vum Weltraumsektor am Beräich vun de Satelliten. D'Buedemstatiounen sinn ausgeschloss. Am Fong geholl gëtt an deem Beräich, am Weltraumsektor, eng Mise à disposition gemaach vum öffentliche Sektour un déi eenzel national Telekommunikatiounen. Fir déi Décisiounen awer rechtskräfig ze maachen, muss eng Zweedréttmajoritéit bei der Versammlung vun de Parteien am Beräich vun der Radionavigation, dat sinn also d'Fligere, am Beräich vun der Weltraumforschung, am Beräich vun der Meteorologie, och vun der Détection iwwer Satelliten vun de Ressourcen op eiser Äerd, am Radio- an Televisiounswiesen an der Diffusioun.

Iwwert d'Gesetz vum 17. Dezember 1972 huet Lëtzebuerg d'Gesetz ratifizéiert. Iwwert d'Gesetz vum 15. Juni 1994 huet Lëtzebuerg de Protokoll iwwert d'Privilegien, d'Exemptionen an d'Immunitäten ofgewéckelt. Och iwwert déi zwee Gesetze vum 10. Abrëll 1997 huet Lëtzebuerg nach amendéiert Amendementen virgeholl aus de Joren 1994, 1995 an 1996. An den 90er Joren ass eng Ännerung kumm, well déi amerikanesch Politik wollt am Fong geholl INTELSAT op deeselwechten Niveau bréngen, wéi aner Privatcompagnien. An Europa ass datselwecht geschitt. Do huet och d'Commission européenne gemengt et misst een Neel mat Käpp maachen. Dat Ganz fanne mer dann herno erëm am EUTELSAT, deen nächste Projet de loi, iwwert dee mer nach haut sollen ofstëmmen.

Am November 2000 huet déi 25. Versammlung vun de Parteien festgehale, dass INTELSAT sollt eng Sociétéit kréien, eng Privatgesellschaft, déi dat Ganzt soll iwwerwaachen. D'Assemblée huet decidéiert, dass déi Organisation zwëschen de Regierungen sollt genannt ginn ITSO. ITSO heescht Organisation internationale de télécommunication par satellites.

Den Artikel 17, deen hei applizéiert gëtt iwwert den Accord vun der INTELSAT, ass vun der Assemblée approuvéiert ginn, an zwar unanime. Och den Accord d'exploitation ass op der 31. Réunion vun de Signatairen ënnerschriwwen ginn. Am Ganze sinn 200 Aktionäre aus 145 Länner an deem Package - wann ech dat dierf esou soen - an eis P&T, eis Post, ass en ancien Signataire. Dat si se en vertu vum Artikel 4, Paragraph 2 vum Gesetz vum 10. August 1992.

An der neier Gesellschaft ass eng Participatioun vun 0,05%. Dës Flott entsprécht 21 Satelliten, déi 24 Stonnen op 24 iwwert d'ganz Welt kënnen Norichten an Informatiounen verbreed. Et sollen nach siwen nei Satelliten an deenen nächsten zwee Joer dobäikommen.

D'Kontrollorgan ITSO bleift eng Organisation zwëschen de Regierungen, eng klassesch Organisation, mat der Versammlung vun de Parteien op der enger Säit, an op der anerer Säit der Exekutiv mat engem Direkter, déi sech muss virun d'eer Versammlung verantworten.

De Statsrot stellt fest, dass wann een den Artikel 15 hält an do en Amendement kéint geschéien iwwert den Accord, da misst dat geschéie mat enger Zweedréttmajoritéit vun de Parteien, déi bei der Versammlung derbäi sinn. Dës Amendement misst dann notifiéiert, ratifiéiert an och ugeholl ginn. De Lëtzeburger Stat kéint duerfir forcéiert ginn eventuell géint säi Wille bei engem Accord oder enger Modifikatioun matzemaachen. Dat géif natierlech Froen opwerfen am Kader vum Artikel 37 vun der Constitution. Am Fong geholl ass et awer esou ass, dass haut scho bis dato alleguerten déi Amendementen gemaach gi sinn iwwert déi national Gesetzgebung, esou dass een dovun muss ausgoen, dass déi Aart a Weis, wéi mer virgaange sinn, kee Verzicht wär op d'Prerogative vun der Verfassung.

Déi eenzeg Problemer, déi mer kéinte kréie bei engem negative Vote, wann eng Proposition d'amendement do wier, déi negativ géif aviséiert gi vun eis a mer missten se awer adoptéieren, da gëtt et zwou Méiglechkeeten, entweder mer huelen se un iwwert d'Verfassungsregelen oder awer mer ginn aus der ITSO eraus, wa mer fannen, dass déi Divergenz net ënner een Hutt ze bréngen wäeren.

Trotzdem géng ech lech bieden, well mir haten en unanime Vote an der Kommissioun, hei och een unanime Vote ze maachen. Ech bréngen an engens den Accord vun der CSV. Merci.

M. le Président. - Als éischt Diskussionsriednerin ass d'Madame Mady Delvaux agedroen. D'Madame Delvaux huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP). - Här Präsident, ech wollt den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu där Konvention bréngen.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - D'Madame Simone Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel (DP). - Här Präsident, ech bréngen och den Accord vu menger Fraktioun. Déi zwee Projeten, déi mer elo noëne kucken, hunn alleguerten eng Komponent, déi ee kann ënner dräi Wieder resüméieren,

duerfir soen ech dat och scho fir deen nächste Projet: Et ass u sech d'Modernisatioun, d'Kompetitivitéit, mä enner seriöser Kontroll.

Et ass fir Lëtzebuerg extrem wichtig, dass mer dat matmaachen, duerfir wäert d'DP dësse Projet voll ënnerstëtzen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk). - Dir Dammen an Dir Hären, Dir wäert jo elo net erwaarden, dass ech soen, ech wär d'accord mat dësem Projet.

(Brouhaha général)

Esou wéi ech mech ëmmer hei verwiere géint d'Privatiséierungen, déi um nationale Plang geschéien, sinn ech selbstverständlech och géint d'Privatiséierungen um internationalen Plang, ëmsou méi well et sech jo hei ëm Froen vum enger entscheidender Wichtigkeet an enger ganz grousser, planetarer Dimensionsion handelt.

Et geet hei ëm näischt anescht, wéi ëm de fräien Zougang zu der Kultur an zu der Informatioun. Och wat d'Inhalter vun der Kultur a vun der Informatioun ugeet, gëtt et jo eng ganz grouss Privatiséierungswell. Déi gréisst transnational Gruppe sinn op deem Terrain tätig. Ech sinn e groussen Unhänger vun der Konkurrenz vun den Iddien a vun de kulturellen Ausdrucksformen, mä ech sinn awer grad esou der Meenung, dass déi Konkurrenz, déi hei gemengt ass, d'Konkurrenz vum Geld, net dozou féiere wäert.

Wien dorunner nach Zweifel huet, soll emol eng Käier owes „erëmzappen“ tëscht deene verschiddene private Chaïnen a Programmer, déi eis ugebuede ginn, da wäert hie ganz séier feststellen, wat fir eng erschreckend Inhaltslosigkeit a wat fir eng Uniformitéit vun Informatiounen a vu sou genannter Kultur op deene Chaïnen ugebuede gëtt. Dat sinn déi eigentlech Froen, déi sech hei an deem Zesammenhang stellen. Ech si selbstverständlech géint dëst Gesetz.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen (ADR). - Här President, am Contraire zu mengem Virriedner wëll ech hei den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Minister François Biltgen.

M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications. - Här President, den Accord INTELSAT ass e bëssen ze vergläiche mam Accord EUTELSAT, deen duerno kënnt. Et hätt ee kënnen eng gesamt Diskussioun maachen, duerfir wollt ech e puer Wuert méi soen herno bei EUTELSAT, well méi dozou vun eis ze soen ass.

De Rapporteur, den Här Halsdorf, ass op Problemer agaangen, déi de Statsrot opgeworf huet. Léisunge si virgeschloe ginn. Ech géif mengen, opgrond vun deenen Aussoe sollt Dir dësen Accord stëmmen.

M. le Président. - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4912 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwer de virleiende Projet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 4912 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an enger Neestëmm.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Lucien Clement), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Niklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Alex Krieps) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener.

A voté non: M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mir zur Diskussioun vum Projet de loi 4786 iwwer den Accord EUTELSAT. Et sinn age-droe bis elo: d'Madame Delvaux, d'Madame Beissel an den Här Urbany. D'Wuert huet den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf, deen de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer, ersetzt.

8. 4786 - Projet de loi portant approbation des Amendements au préambule, aux articles I; II; III; V; VI; VII; IX; X; XII; XIII; XIV; XV; XVI; XVII; XVIII; XXI et à l'annexe A de la Convention portant création de l'Organisation Européenne de Télécommunications par Satellite „EUTELSAT“ tels qu'ils ont été adoptés à la 26ème réunion de l'Assemblée des Parties à Cardiff, le 20 mai 1999

Rapport de la Commission des Média et des Communications

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur en remplacement de M. Patrick Santer empêché. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei geet et drëm, de Projet 4786 iwwer d'Konventioun EUTELSAT, wou mir Amendementer kréien, ze verabschieden. Dat Ganz huet 19 Méint gedauert bis mir et haut hei fäerdeg bréngen.

Déi 26. Versammlung vun de Parteien huet de 25. Mee 1999 zu Cardiff/Wales Amendementer un

dësere Konventioun virgeholl. EUTELSAT gëtt ënnert de Contrôle vun enger Organisatioun zwëscht Regierung gesat an dat an engem kompetitiven Ëmfeld an Europa. Hei ginn d'Originen zréck op 1977, wou d'Société EUTELSAT éischter eng Coopérative de moyens war, dat heescht d'Signataire an d'Investisseuren hunn am Prorata konnten dorop zréckgräfen.

Eis Post war den 12. Investisseur a Benotzer mat 1,58%, wat 500 Milliounen al Lëtzebuurger Frangen ausmécht, dat heescht 12.394,676 Euro. De Chiffre d'affaires vun dëser Gesellschaft ass 1999 83% am Beräich vun Televisioun a vu Radio, wourun ee gesäit, wou de Point fort hei läit. Et geet drëm méi Flexibilitéit ze kréien, well eng Majoritéit, och wéi an deem Fall vir-drun, vun zwee Drëttel vun enger Versammlung ass net optimal, fir gutt ze schaffen. D'Innovatioun gëtt domat och erëm zréckgesat. Et geet also drëm d'Kapassitéit vun dëser Organisatioun kompetitiv ze maachen, de Statut ze verännern, fir an eiser Informationsgesellschaft weiderzekommen an am Satellitewiesen nei Allianzen ze fannen an nei Filialen ze kréieren. Dat ass de But vun EUTELSAT.

D'Décisioun vu Cardiff ass déi, dass eng S.A., eng Société anonyme, vu franséischem Recht kreéiert gëtt. D'Aktionäre kënnen hei erweidert ginn, mä den initialen Aktionären hir legitim Interesse muss gewahrt bleiwen. Et gëtt Dispositiounen an de Statuten, déi déi néideg Garantie ginn, wa Wiessel an der Kontroll bei de bestehenden Aktionäre komme sollten. D'Regierung behalen also d'Iwwerwaachung vun de Basisprinzipien. Dat ass dat Wichtigst. Dat si véier Stéck:

1. den obligéierte Service public an de Service universel;
2. d'Satellitesystemer müssen eng paneuropäesch Deckung garantéieren;
3. et däerf keng Diskriminéierung ginn;
4. déi loyal Konkurrenz muss herrschen.

Et gëtt weider Obligatiounen, wat d'Kontinuitéit am internationale Recht ugeet, vun der Benotzung vun de Frequenzen an der Radiokommunikatioun. D'Revisioun vun der Konventioun ass geschitt iwwer en Arrangement, deen der Kommissioun virlung, deen also gewosst war. D'Revisioun vum de Missioun sinn déi, dass EUTELSAT als Fournisseur am Weltraum elo Prinzipien, Rechter an Obligatiounen huet, wat d'Benotzung vun de Frequenzen ugeet. Mir hunn also elo eng Reglementéierung am Radiokommunikatiounsberäich. Den Organe exécutif gëtt dirigéiert vun engem Secrétaire exécutif.

Ech wëll nach kuerz op den Avis vum Statsrot agoen. Den éischte Punkt, deen eis eppes ugeet, ass deen, dass festgestallt gëtt, dass eng Concurrence déloyale entsteet tëscht der EUTELSAT S.A. an der SES GLOBAL, am Besonneschen, wat d'Filière SES ASTRA ugeet, well d'EUTELSAT huet am Fong geholl Privilegien, déi d'SES net huet. D'SES muss eng Redevance bezuelen, wa se wëllen déi Lëtzebuurger Frequenze vu Satelliten benotzen, en plus kann EUTELSAT d'Fixatioun vun de Präisser vun dëse Kanäl och nach festleeën. SES huet sech awer net géint dës Konventioun ausgeschwat. Si si souguer der Meenung, dass heiderch eng gewëssen Transparenz an dësem Beräich optrëtt, wat am Interesse vu jiddferengem ass.

Zweetens, wat den Organe de contrôle ugeet, do stellt de Statsrot

fest, dass dës Solutioun, déi fonnt ginn ass, sécherlech iwwerraschend ass, well tatsächlech eng aner Form hätt kënne fonnt ginn, fir d'Iwwerwaachungsmissioun ze maachen. Déi hätt net onbedéngt missten eng Partie intégrante vun EUTELSAT S.A. sinn. De Statsrot mengt awer, dass am Fong geholl déi Organisatioun tëscht de Regierungen sech net mat de Problemer vun der normaler Surveillance, wéi se existéieren an enger Société anonyme, wäert mussen ofginn, sou dass dat vum Statsrot akzeptéiert gëtt.

Eng aner spezifesch Situatioun ass déi, dass d'Parteien kënnen d'Konventioun opléisen, déiselwecht Konventioun, déi am Fong geholl dës Gesellschaft kreéiert huet.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et ass kloer, dass eng Zweedrëttel-majoritéit hei gebraucht gëtt, wéi ech et gesot hunn. Wat d'Verfassung ugeet, dierft et och kee Problem sinn, well jo d'Chamber am Fong geholl hei en Accord de principe gëtt, fir dësen internationalen Traité conformément zu den Dispositiounen ëmzesetzen.

Wann natierlech, wéi ech virdu gesot hunn, hei e Changement geschitt géint de Wille vun eise Land mat enger Zweedrëttel-majoritéit, da stelle sech Froen am Kader vum Artikel 37 vun der Constitutioun. D'Konventioun EUTELSAT, déi mir haut hunn, ass och iwwer d'Lëtzebuurger Gesetzgeber an de leschte Jore verännert ginn. Dat hei si Prérogativen, géif ech mengen, déi net vun der Constitutioun a Fro gestallt ginn. De Statsrot stellt datselwecht fest, dass heescht, dass et problematesch gëtt, wann en Amendement géif kommen, wou Lëtzebuerg net d'accord wär, wou Lëtzebuerg en negative Vote géif maachen. Da wäert mir nees am selwechte Fall, wéi bei der INTELSAT, dass heescht, entweder misste mir deen Amendement unheulen oder mir missten eis aus der Organisatioun zréckzéien.

Dës Rapport huet eng Unanimitéit fonnt an der Kommissioun an ech géif lech dann och bieden dat heien ze stëmmen. Ech bréngen och an dësem Fall den Accord vun der CSV. Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo d'Madame Mady Delvaux.

Discussion générale

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP). - Här President, och zu dëser Konventioun kann ech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun bréngen.

Merci.

(Interruption sonore)

M. le Président. - Léif Kolleggen a Kolleginnen, mir hate scho wéivillmol dee Problem do. Ech mengen, mir sollten eis virhuelen, dass mer an Zukunft keng Handye méi mat erabréngen oder, wann Der se mat erabréngt, dass se ausgeschalt sinn, esou dass ee keng Kommunikatiounen kann emfänken.

Mir fueren an eiser Aarbecht weider. D'Wuert kritt elo d'Mme Simone Beissel.

Mme Simone Beissel (DP). - Här President, esou wéi meng Virriedner wäert ech mech deem Projet ralliéieren a bréngen heimat den Accord vun der DP.

Merci.

M. le Président. - An den Här Urbany?

M. Serge Urbany (déi Lénk). - Och d'EUTELSAT soll an öffentlecher Hand bleiwen, fir e fräien an demokrateschen Zougank zur Informatioun ze garantéieren. Iwwregens ass op deem Plang hei Lëtzebuerg schon a gewëssene Moossen e Virreider

vun der Liberaliséierung gewiescht duerch d'SES.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen (ADR). - Jo, Här President, ech wëll just den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président. - Den Här Minister Biltgen.

M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications. - Här President, deen EUTELSAT-Accord, deen huet laang Zäit gebraucht bis dass en ausgehandelt gouf, an et war och esou, dass d'Lëtzebuurger Regierung eigentlech ganz vill Bedenken hat zu deem, wat mir elo hei sollen an awer och mussen stëmmen.

Mir hunn eis esou laang wéi méiglech gewiert géint déi Struktur déi do ass, dass mer engersäits d'EUTELSAT privatiséieren, anersäits awer iwwer der EUTELSAT nach en Organ hunn, wat déiselwecht staatsrechtlech, öffentlech rechtlech Privilegië behält, wéi virdu d'EUTELSAT als Betrib hat, sou dass et zum Deel nëmmen eng hallef Liberaliséierung ass. Ech muss allerdéngs zouginn, dass et och vill Avisen zu där doter Fro gëtt, an dass keng besser Léisung erausgeschloe konnt ginn, wéi elo déi, déi eis virläit, och wa se eis als Lëtzebuurger Regierung bestëmmt net ze fridde stellt.

Et ass elo schonn hei ugeklungen, EUTELSAT ass och zum Deel e Konkurrent vun der SES, allerdéngs - an ech wëll do dem Här Halsdorf merci soe fir säin ausféierleche Bericht - natierlech ass et och do esou, dass et eng Partie Accorde gëtt. Ech mengen, wann elo d'Fro hei wär: Regierung sidd Der dann, well Der net richtig mat deem Text ze fridde sidd, deen erauskoum, der Meenung, Lëtzebuerg soll aus EUTELSAT erausgoen? Da soe mir ganz kloer Neen.

Et ass wichtig, dass mer an der EUTELSAT bleiwen, grad wéi et wichtig ass an der Intelsat ze bleiwen, och fir eng ganz Patie Kontakter um internationale Punkt ze hunn. An dann ass et esou, dass mer zwou Zorte vun Avantagen hunn. Deen een, op dee wëll ech net weider agoen, dass d'Post nach ëmmer een Deel vum Kapital hält. Dee kann d'Post verkafen, wa se eng Käier wëll verkafen. Deen aneren Deel, dat ass awer deen, dass Lëtzebuurger Firmen, an ech denken net nëmmen un d'SES, ech denken och do un d'Post, eng ganz Partie Accorde mat EUTELSAT hunn, wou se sech géigesäiteg hëllefen, wou se technesch Kooperatiounsaccorden hunn, sou dass fir eis, och wann den Text eis elo net grad esou schmaacht, et awer trotzdem ee Projet ass, dee mer gäre gestëmmt hätten, well et wichtig ass, dass mer an der EUTELSAT bleiwen.

Et ass och esou, dass mer awer dann nach ëmmer méi Transparenz hu wéi virdu, wou EUTELSAT wierklech de Problem hat, dass et öffentlech rechtlech Privilegien hat, mä awer als Konkurrent opgetrueden ass, sou dass dat heite wierklech besser ass wéi näischt. Ech wär frou, wann d'Chamber haut och géif deen dote Projet stëmmen.

M. le Président. - D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4786 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet de loi sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.